N°3493
Entrée le 21.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.01.2026
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aarbecht & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Middëgkeet op der Aarbecht ass ee grousse Risiko fir Accidenter. Grad am ëffentlechen Transport ass et wichteg, dass Chaufferen vu Gefiehrer zu all Zäitpunkt ausgerouht sinn, fir d'Sécherheet vun de Passagéier ze garantéieren. A fréiere parlamentaresche Froen (n°165, 387 an 831, 1005) hat ech dëst schonn bei den CFL mat Hibléck op d'Rouhdeeg vun den Zuchführer thematiséiert.

A verschiddene Fäll ass et scho virkomm, dass d'Leit, déi sech wéinst Middegkeet vun der Aarbecht ofmellen, um Enn souguer nach vum Betrib dofir bestrooft ginn. Et stellt sech hei fir d'Chaufferen vun Bus, Zuch, Taxi oder Tram d'Fro, wéi si sech uleeë sollen, wann si spieren, dass si midd an net fahrtüchteg sinn a wéi hei d'Middegkeet als Sécherheetsrisiko jee no Secteur bewäert gëtt, well hei eng Hellewull un Normen (Gesetzestexter, Reglementer, intern Prozeduren, etc.) fir verschidden Organisatiounen (CFL, Bussyndikater wéi den TICE, Privatfirmen, etc.) existéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ginn Ënnerscheeder an der Bewäertung vun der Absence duerch Middegkeet gemaach, zum Beispill tëschent den Chaufferen vun den CFL, TICE, AVL, RGTR, Tram oder Taxi? Falls jo, wéi eng?

2. Kann d'Regierung een Iwwerbléck liwweren, wéi d'Absence wéinst Middegkeet oder akute gesondheetleche Problemer, déi d'Fahrtüchtegkeet vum Chauffer beanträchtegen, bei deenen uewe genannten Organisatiounen reglementéiert/gereegelt ass?

3. Gëllt Middegkeet an all dësen Organisatiounen am Secteur vum ëffentlechen Transport als

legitimme Sécherheetsgrond, fir sech ofzemellen?

4. Wien dréit d'Verantwortung, wann et wéinst d'Middegkeet vum Chauffeur zu engem Accident kënnt – am schlëmmste Fall mat Verletzten?

5. Muss de Chauffeur, deen
   - trotz Middegkeet op senger Aarbecht erschéngt,
   - wéinst Middegkeet net op senger Aarbecht erschéngt,

   mat Disziplinarmoossnahmen oder Avertissementen rechnen?

6. Wéi soll ee Chauffer reagéieren, wann en direkt oder indirekt vu sengem Virgesetzten ënnert Drock gesat gëtt, fir trotz Middegkeet oder akute Gesondheetsproblemer schaffen ze goen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten